N°775
Entrée le 22.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg ass d'Drénkwaasser aus dem Krunn eng däitlech méi bëlleg a qualitativ héichwäerteg Alternativ zum Waasser aus Fläschen. Obwuel d'Drénkwaasserpräisser an all Gemeng däitlech ënnert dem Präis vum Fläschewaasser leien, ginn et awer nach grouss Ënnerscheeder tëscht de Gemengen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi hunn sech d'Drénkwaasserpräisser an de Gemenge rezent entwéckelt?
   Kann d'Regierung als Ergänzung zu der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°7829 vum 29/03/2023 eng aktualiséiert Tabell mat den aktuellen Drénkwaasserpräisser pro Gemeng opstellen?

2. Wou sinn déi am Koalitiounsaccord ugekënnegt Analyse fir eng eventuell Harmoniséierung vum Waasserpräis drun?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten